N°4186
Entrée le 03.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Sportministesch weiderzeleeden.

Ech kommen zréck op d'Äntwert vum 5. Februar 2026 op meng Froe n° 3445 betreffend der drastescher Erhéijung vu verschidde Präisser an der Coque (Centre National Sportif et Culturel - CNSC) an dëst säit dem 1. Januar 2026. Laut dëser Äntwert war d'Upassung vun de Präisser noutwendeg well iwwer déi lescht Joren Exploitatiouns- an Energiekäschten an der Coque substanziell a Luucht gaange sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech folgend Froe stellen, vu datt laut dem entspriechenden Gesetz, de Bilan vum Joer 2025 vum CNSC am Prinzip dem Regierungsrot bis spéitstens dem 15. Mee virgeluecht misst gi sinn.

1. Kann d'Ministesch op Basis vun engem Tableau follgend Zuele fir d'Joren 2022, 2023, 2024 an 2025 präsentéieren:
    - de Montant vun der staatlecher Participatioun un de Fonctionnements-, Exploitatiouns- an Energiekäschte vun der Coque, deen alljärlech am Staatsbudget festgehale gëtt an der jeeweileger Progressioun oder Regressioun a Prozenter;
    - de Bilan vum jeeweilegen Exercice;
    - de Montant vun de Reserve, dorënner déi fir eventuell Erneierungen.

2. Stemmt et dass d'Coque fir verschiddenen Joren am Zäitraum 2022-2025 op Grond vun der net previsibeler Erhéijung vun den Energiekäschten eng zousätzlech Participatioun a Form vu Kompensatioun vum Staat niewent der eigentlecher Dotatioun krut? Wann jo ewéi héich war des zousätzlech Kompensatioun vum Staat ?

3. Mengt d'Ministesch dass op Grond vun dësen Zuelen eng Augmentatioun vun de Präisser am nationale Sport – a Kulturzenter Coque ab 1/1/2026 opportun war, dëst zumol d'Clientszuelen och am Joer 2025 nach an d'Luut gaange sinn?

4. Mengt d'Ministesch dass besonnesch d'Erhéijung vum Eenzelpräis fir d'Kanner am Centre Acquatique vum nationale Sports-a Kulturzenter vun 2,30 € op 3 €, wat eng Erhéijung vun 30% ausmëscht, ubruecht war, dëst wou de Slogan „Lëtzebuerg lieft Sport“ an de Sport an d'Beweegung och besonnesch vun den Kanner méi ewéi wichteg ass?


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

5. Kann d'Ministesch soen, wéi vill mei Recetten d'Coque sech eleng mat der Erhéijung vum Eenzelpräis fir d'Kanner erwaart?

6. Laut dem Rapport vun der entspriechender Chamberskommissioun vum 27. November 2024 gouf Dotatioun un d'Coque fir Joer 2025 substantiell eropgesat fir, ewéi den deemolege Sportminister et sot, der Coque et ze erlaben verschidde Reparatiounen ze maachen an Ekipementer ze beschafen déi neidesch waren. Kann d'Ministesch op Grond vun engem Tableau d'Lescht, mam jeeweilege Montanten, vun de Reparature respektiv den Acquisitiounen déi an dësem Kader vun der Coque am Laf vum Joer 2025 getätegt gi sinn, maachen ? Ass d'Ministesch der Meenung dass hei och Ausgaben drënner gefall sinn, besonnesch wat Reparatiounen ubelaangen, déi eigentlech vum Staat als Proprietäre vum Gebai missten iwwerholl ginn?

7. Falls dës Ausgaben sech net op déi ronn zousätzlech 1,8 Milliounen insgesamt belaf hunn, déi an dëser Chamberkommissioun annoncéiert gi sinn, wat ass mat dësem Iwwerschoss geschitt?

8. Ass och an der staatlecher Kontributioun vum Joer 2026 esou eng zousätzlech Dotatioun virgesinn? Wann jo, ewéi héich ass déi a wat genau soll domadder finanzéiert ginn?

9. Stemmt et dass d'Regierung Ufanks des Joers der Coque eng zousätzlech Extradotatioun fir 2026 ginn huet? Wann jo, firwat huet d'Regierung net d'Resultat vum Exercice ofgewaart a gegeebenenfalls, esou ewéi dat an der Kultur de Fall war, Dotatioun op Basis vun de Reserven adaptéiert?

10. Wäert d'Regierung dëst da fir de Budget 2027 maachen, esou ewéi dat an der circulaire budgétaire vum Finanzministère festgehalen ass ?

11. Laut den Aussoe vum viregte Sportminister an der Sportskommissioun vun der Chamber den 27. November 2024 soll laut dem Regierungsprogramm och den CNSC, niewent aneren nationale Sportsinfrastrukturen, an een neien établissement public integréiert ginn. Wou ass dëst Engagement vun der Regierung drun?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu